# Yossiya: dat 3. Würfelspill -

## super einfach



**Alter:** ab 3
**Spiller:** 2
**Dauer:** 5 Minutten
**Zil vom Spill:** am meeste Stange sammelen
**Iddi:** Blanche Kails 24.04.2020
**Prinzip:** Würfelspill

**Material:** 1 Spezialwürfel 3 x gréin  3 x rukt 
[oder 1 normale Würfel (1 - 6) an
1 Würfelbild-Läist an
1 neutralen Dapp]
1 Bild matt 1 Villchen
13 „Käfigstangen" Schaschlik-Spiessen oder ….

Dat Spill ass eng super staark vereinfacht Versioun vom 3. Yossiya-Würfelspill. Fir datt di ganz kleng Kanner och eng Chance hann an sich aan ee Würfel gewiänne konnen.
[De Spezialwürfel kann ersatt ginn duerch een normale Würfel matt enger Spezial-Würfelbilder-Läist cf: Material-Fiche]

**Zil:** Et geet drëm, fir sou vill wéi miglich Stangen ze sammelen.

**Virbereedung:** Dat Bild mam Villche gët matt 13 Stangen zougedeckt. De Würfel [oder Ersatz…] läit prett. D'Spiller sëtzen sou, datt gidferee gutt aan d'Stangen draa kënnt.

**Spillverlof:** Der Rei no würfelen. De Spezialwürfel weist entweder rukt oder gréin. Déi iäwwescht Sait vom Würfel weist, wat an där Ronn gëllt. (Vläicht wossen di ganz kleng Kanner dat na net.) [Bäi engem normale Würfel gët nom Würfelen deen neutralen Dapp op d'Würfelbild-Läist op di entsprechend Zal gesatt. Da weess de Spiller, wéi eng Faarf fir hee gëllt an där Ronn.]

 **GRÉIN** = **fräi** sënn = de Spiller hëllt eng Käfigstang.

 **RUKT** = **agespaart** sënn = de Spiller hëllt keng Stang, hee passt.

**Spillschluss =** wa keng Stange mi op dem Villche leien.

**Gewënner =** deen, deen am meeste Stangen hatt.